Lëtzebuerg, den 8. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG

DEMOKRATESCH PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister weiderzeleeden:

*„Wéinst dem Risk vun enger Gasknappheet am Wanter am Kontext vum Ukrainekrich, huet d'EU de 26. Juli 2022 beschloss, dass d'Memberstaaten hire Gasverbrauch fräiwëlleg ëm 15 Prozent tëscht dem 1. August 2022 an dem 31. Mäerz 2023 solle reduzéieren.*

*D'EU Reegelen fir d'Versuergungssécherheet vum Gas garantéieren, datt "geschützte Clienten", nämlech Privatstéit a wesentlech sozial Servicer wéi z.B. Spideeler, Altersheemer a Schoulen, vun all Gasratiounsmoossnamen ausgeholl sinn.*

*An deem Kader wollte mir dem Här Energieminister folgend Froe stellen:*

- *Wéi vill Gas hu prozentual an de leschte 5 Joren zu Lëtzebuerg Privatstéit, Verwaltungen, Gemengen, mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an Industrie verbraucht ?*

- *Am Fall vun engem Gas-Enkpass, ass et wichteg, preparéiert ze sinn a kënnen op eng wirtschaftlech-effizient a solidaresch Manéier ze reagéieren. No welche Prioritéitskritèren a Prinzippien gedenkt de Minister an deem Fall d'Verdeelung vu Gas u mëttelstänneg Betriber, gréisser Betriber an un d'Industrie* festzeleeën *?"*

Mat déiwem Respekt,

Carole HARTMANN
Deputéiert

Max HAHN
Deputéierten